



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2017

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du Premier ministre, ministre d'État

Xavier Bettel

**Monseigneur,
Här Chamberspresident,
Dir Dammen an Hären Deputéiert,
Léif Regierungskollegen,
Dir Dammen an Dir Hären,**

Mir sinn haut hei zesumme fir eist Land ze feieren, fir eis un eis Geschicht ze erënneren an eis Gedanken iwwert d'Zukunft ze maachen. Mir denken un déi Generatiounen, déi virun eis waren a mir sinn dankbar fir hir Kraaft, fir hir Iwwerzeegung, hiren Asaz an hir Bereetschaft fir Fridden a Fräiheet ze kämpfen.

Eisen Nationalfeierdag gött eis d'Geleeënheet fir den Alldag een Ament rouen ze loosseren a fir eis ze froen, wat mer sinn, wat eis ausmécht, a wéi engem Land mir haut liewen an a wéi engem Land mer wëllen, dass eis Kanner an Enkelkanner grouss ginn. Lëtzebuerg ass haut onofhängeg, eegestänneg a fräi. Mir sinn als Land e Wee gaangen, dee mat Momenter stengeg a schwiereg war. Mir sinn awer och e Wee gaangen, deen eis gestärkt huet. Lëtzebuerg ass haut e staarken a verlässleche Partner. Dat kënnt net vun ongeféier. Et goufe Kräizungen an eiser Geschicht, wou d'Generatiounen virun eis e gewëssene Wee ageschloen hunn. Et gouf sech gestäipt an et si couragéiert Decisiounen geholl ginn.

Haut ass och den Dag wou mer eis Dankbarkeet weisen an eise Respekt fir all déi Lëtzebuerger, fir all déi Mënschen, déi an der Vergaangenheet eis Wäerter, eis Geschicht an domadder och eis Zukunft matbestëmmt hunn.

Haut läit et an eisen Hänn.

Et sinn d'Decisioune vun haut, déi den Alldag vu muer bestëmmen. Mir si gehalen iwwert eist eegent Liewen eraus ze kucken an eis net nëmme mat eis selwer, mee och mat deenen aneren ze beschäftegen an und dat ze denken, wat nach wäit ewech läit. Et sinn d'Decisiounen am Klengen an am Groussen, déi bestëmmen a wéi engem Land mir an Zukunft liewen. Et mécht en Ënnerscheid, wéi mer eis an eistem Alldag verhalen a wat mir eise Kanner an Enkelkanner virliwwen, wéi mer mat eise Matmënschen a mat eisen natierleche Ressourcen ëmginn.

Haut ass also och den Dag, wou mer eis bewusst maachen, dass mer eng Verantwortung hu vis-à-vis vun deenen, déi no eis kommen. Et ass dacks schwéier wäit am Viraus ze denken a mir sinn och net eleng mat eisen Decisiounen. Mir sinn ugewisen op eis Partner an Europa an am Rescht vun der Welt.

Monseigneur,

Dir Dammen an Dir Hären,

An deenen nächste Méint a Jore komme grouss Decisiounen op eist Land duer. Mir liewen an enger Zäit, wou an Europa d'Kaarten nei gemëscht ginn. De Prozess mat deem Groussbritannien d'Europäesch Unioun soll verloossen, huet definitiv ugefaangen. Et kann haut nach kee mat Sécherheet soen, wéi dee Prozess wäert ausgoen, mee et steet fest, dass d'EU an deenen nächsten zéng Joer wäert anescht sinn, ewéi an deene leschten zéng Joer. Gläichzäiteg hu mer awer och eng Chance, eng Geleeënheet fir eis op dat ze besënnen, wat eis wierklech matenee verbënnt an eis staark mécht. An dësen Zäiten, an deenen d'Weiche fir d'Zukunft vun

eisem Kontinent gestallt ginn, leescht Lëtzebuerg weiderhinn e konstruktive Bäitrag an Europa, am Interêt vum Land a vu senge Bierger.

Mir sti virun Erausfuierungen, déi mer mussen meeschten. An Europa an heiheim. All Persoun am Chômage an all Jonken, deen d'Schoul ouni Ofschloss verléisst, soll eis beschäftegen a mir mussen a mir wëllen eis deenen Erausfuierungen och stellen. Mir wëlle keen am Stach loossen an d'Problemer ugoen, déi mer mussen ugoen. Grad an engem Land, wou et deene meeschte Leit éischer gutt geet, hu mer als Gesellschaft eng Verantwortung fir no deenen ze kucken, déi et méi schwéier hunn.

Haut op Nationalfeierdag wëlle mer eis awer och bewusst sinn, dass mer eng grouss Chance hunn op engem Kontinent an an engem Land ze liewen, wat iwwer Joerzénge vu Krich a grousem Misär verschout gouf, wou d'Liewensqualitéit héich ass, wou mer Perspektiven hunn a mat Zouversicht kënnen no vir kucken. Haut op Nationalfeierdag wëlle mer och feieren an eis op dat besënnen, wat mer hunn a wat mer sinn.

Vive eise Grand-Duc

Vive déi groussherzoglech Famill

a vive eist Land